

Ried vum LSAP-Fraktionspräsident Alex BODRY
zur Erklärung vum Premier Minister vum 15.10.2014

Een Virwurf kann een dëser Regierung nët maachen:
 de Virwurf, d'Budgetsproblematik nët eescht ze huelen
 de Virwurf, déi wuessend Verschëldung vum Staat, um Bockel vun der nächster Generatioun, weider hinzehuelen.
 de Virwurf, kéng politesch Entscheidungen ze huelen an kéng kloer Prioritéiten ze sëtzen.

Jo, dës Regierung, dës Koalitioun, péckt d'Frô vun enger méi effizienter, méi equilibréierter Budgets- a Finanzpolitik konsequent un.

Si mëcht, wât si ugekënnegt huet:
 Des Regierung, des Koalitioun, ass sech bewosst, dass mir bei engem am Verglach zum Ausland héigen Wirtschaftswuesstum (duebel esou héich wéi am EU-Duerchschnëtt), nët kënnen weider Scholden an Milliardenhéicht maachen, mee eis Ausgabenpolitik dem Einnahmenrythmus mussen upassen.

Ronn 1 Mia Euro, bei engem Staatsbudget vun 12-13 Mia Konsolidéierungseffort, dat ass eng schwéierer Aufgab, wëll et mussen strukturell Massnahmen sin.

Dat entsprécht bal 1:1 dem progressiven Ausfall vun der Quasi-Totalitéit vun den TVA-Einnahmen vum E-Commerce, déi 2014 wäerten bei 1,15 Mia € leien.

Jo, dës Regierung, des Koalitioun ass sech bewosst, dass si dobäi eisen Sozialsystem ofsëcheren an d'Kâfkrâft insgesamt ze stäipen huet.

Dat geschitt duerch déi integral Rëmaféierung vun der fréieren automateschen Indexéierung vun Léin, Gehälter an Pensiounen, déi grâd elo 2015 bei der geplangten TVA Erhéigung voll zum droen kënnt. Dat geschitt duerch den Gehälterakkord an der Fonction Publique, deen d'nächst Woch wäert voll zum Droen kommen. E Signal, och fir d'Gesamtwirtschaft.

Jo, dës Regierung, dës Koalitioun, mëcht aus der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet, den Investissementer an Schoul an Ausbildung, an öffentlech Infrastrukturen, an d'Recherche, hier eischt Prioritéit.

Si wëllt nët méi weider hinhuelen, dassen méi Leit riskéieren an Aarmut an Nout ofzerétschen an wëllt deem konkret entgéint trieden.

Dën Wuesstem, deen mäer glécklecherweis nach zu Letzebuerg hun, muss méi gerecht opgedeelt gin. Dofier stinn mäer als Sozialisten an déi Iddi wäerte mäer och, besonnesch an der kommender Diksussioun iwert d'Steierreform, déi 2017 soll a Krâft trieden, och geltend maachen. Dës Majoritéit wees och, dass nët weider op Käschten vun den öffentlechen Investissementer däerf gespuert gin. Gerad bei schwächerer Konjunktur sin Investissementer an Schoulen, Kannerbetreierung, Spideeler, öffentlechen Transport, Strôssebau én wichtige Impuls, deen esouguer vun engem IWF virgeschloen gët. Dat ass gerad elo déi richtig Politik. D'Investissementer wäerte steigen, däitlech steigen.

Dës Regierung, des Koalitioun weist politeschen Courage, éng Qualitéit, déi et an der Politik insgesamt oft rare gin ass, an och – do wou se gespillt huet – nët ëmmer honoréiert gin ass.

Et ass nët gekuckt gin, wât bréngt eis dât, bei den nächsten Wahlen, mee des Majoritéit huet sêch, déi eenzeg richtig Frô gestallt: Wât brauch dëst Land? Wéi kënne mäer de Leit zu Letzebuerg hier Zukunft am bëschten ofsêcheren, nët nëmmen déi nächst 2-3 Joer, mee wäit doriwwer eraus?

Bleiwe mäer beim Aalen, Bekannten stoen, probéieren mäer wéi gewinnt emol Zäit ze gewannen, Problemer aussëtzen an der Hoffnung si giffen sêch vum selwen léisen? Oder wëlle mäer dëst Land gestalten an nët nëmmen verwalten?

Eist ganz Emfeld huet sêch fundamental geännert, mee mäer giffen de Kapp an de Sand stiechen an maachen, wéi wa mäer nach an den Boomzäiten vun den Enn 90^{er} – Ufank 2000^{er} Joer liewen, mat 5% Wuesstem, niddreger Aarbechtslosegkeet, Budgetsiwerschoss an sâten Finanzreserven?

D'Budgetspolitik ass d'Spiegelbild vum politeschen Choix. Dat gët elo méi offensichtlech. D'Zäiten wou mäer zu Letzebuerg iwert den Budget dat eent a sâin Contraire konnten finanzéieren, fir jidfereen irgendwéi zefridden ze stellen sin eriwwer.

Dat gëlt nët nëmmen, mee och fir d'Familienpolitik. Hei riicht sech d'Regierungspolitik kloer nom skandinaveschen Modell, e Gesellschaftsmodell, deen sëch insgesamt bewährt huet an op der Gläichstellung vun Mann a Frâ opgebaut ass, mat gläichen Rechten an Pflichten vun Béiden, och wât Famill a Beruff ugeet.

Et ass dât eng Politik, déi am Aklang steet mat der Strategie EUROPA 2020 fir méi Wuesstem a Beschäftigung. Fraen sin e wichtegt Potential, bei der aktiver Bevölkerung zu Letzebuerg. Beruff a Familienliewen vereinbar maachen, d.h. Kannerbetreung, Crèchen, Garderien, Maisons de Relais, Ganzdaagsschoul systematesch ausbauen. Am Kloertext: ewech vun den réngen Geldleeschtungen hin zu qualitativ héichwäerteg Sachleeschtungen fir Kanner an Famill.

Dofir wäert dës Koalitioun nët manner, mee méi Suen ausgin. Mäer wëllen hëllef d'Mammen dauerhaft ofzesécheren, hinnen eegen Rechter gin, doduerch, dass si hier beruflech Aktivitéit nët mussen opginn oder während länger Zäit ennerbriechen. Si sollen nët am Scheedungsfall zum Empfänger vun Sozialhëllef gin.

Dës Politik ass net de Ruin vun der Famill, mee dës Politik wäert am Géigendeel méi Krediter an Budgets fir d'Famill virgesin, d'Kanner sin méi ewéi jee eng Prioritéit vun eiser Politik. Dofir och dén neien Zukunftsbeitrag: wéll mäer do zousätzlech Handlungsméiglechkeeten brauchen.

D'Kannerbetreung gët nët of – mee stârk ausgebaut.

Fir d'Kanner vun 1-3 Joer gët eng gratis Betreung ugebueden, an der Optik d'Sproochebarrieren ofzebauen. Dat bréngt méi Chancengerechtegkeet fir d'Kanner, dât bedeit och fir d'Familien, gerâd mat méi Kanner am Endeffekt e Gewënn, an kén Verloscht.

Et ass nët seriö Vergläicher unzustellen, virdrun – duerno, ouni Iwergangsregelen ze berücksichtegen an ouni déi nei gratis Servicer fir Kanner an d'Wôschuel ze leen.

An Zukunft läit d'Kannergeld fir nei Kanner zu Letzebuerg bei 265 Euro de Mount. Dat ass 40% méi héich ewéi an Däitschland. Och bei 4 Kanner läit dat neit Letzebuurger Kannergeld nach 20% iwert den Hëllef aus dem Nopeschland.

Och an dësem Punkt hält eisen Sozialsystem de Vergläich mam Ausland spillens aus. An do ännert och déi neien Beitrag vun 0,5% an déi nei Zukunftskees fir Kanner näischt. Dat entsprécht iwwerens eppes manner ewéi engem Fënneftel vun enger Indexbranche, wou déi nächst wäert am Freijoer 2015 erfälen. Des zweckgebonden Ofgabe schénkt eis als Solidaritéitsbeitrag fir d'Kanner sozial vertriebar ze sin.

Als LSAP hålen mäer drop, dass d'Kannergeld nët op onbestëmten Zäit agefruer bleift, mee periodesch, no all puer Joer, un d'Präisentwécklung ugepasst gët. Esou é Mechanismus ass virzegesin.

Dat selwecht gëllt fir d'Deirechszoulag, un déi och munech Gemengenhëllef gekoppelt sin. Hei ass et noutwendeg, d'Entwécklung vun den Haptausgabenposten vun den Stéid am Aa ze haalen, an - wann néideg - dës Hëllef, déi aussliesslech Leit mat kléngen Akommes zegudd kënn ze erhéigen. Bei dem aktuellen Präisréckgang bei Elektresch, Gas, Petrol ass dat momentan nët zwéngend néideg, mee déi Tendenz kann sech an engem Joer änneren, an dann besteed Handlungsbedarf.

Dësen groussen, a wéi ech hoffen, lëschten Effort fir duerch e kompletten Screening vun all Budgetskrediter, nei Perspektiven fir nohaltegen Wuesstum an Beschäftigung ze entwécklen, bréngt dest Land weider. E geet méi déif an méi wäit wéi an der Vergaangenheet.

Et ass nët den eischten Versuch – och déi virescht Koalitioun huet dat besonnesch an den Joeren 2011 bis 2013 och gemaat. Déi deemoleg Politik wâr méi op konjunkturrell ewéi strukturell Massnahmen ausgeriit. Si huet och d'öffentlech Investitiounen gebremst. Eng Politik, déi esou nët méi weider ze féieren ass, virun dem riesegen Lach an den TVA-Einnahmen ab 2015.

Wät dës Regierungsinstitutiv kennzeechent ass de Wëllen, dës Befreiung aus enger fir Letzebuerg extrem riskanter Scholdenfâl aus den lëschten Joeren, nët duerch eng ondifferenzéiert, radikal Austeritéitspolitik mam Briecheisen erbäi ze féieren.

Den Sozialbudget bleift op engem och am europäeschen Verglach ganz heigen Niveau. De Staat wäert och an den nächsten Joeren am Schnëtt eng 3-4% pro Joer méi ausgin. Zu Letzeburg gin am öffentlechen

Secteur kéng Plazen ofgebaut, mee ët gin der neier geschaafen, e.a. och am Beräich vun den Dingschtleeschungen fir d'Familjen.

Et kënt nët zu enger genereller Ofsénkung vun den Sozialleeschungen. De Pensiounsalter gët nët gehéicht, wéi dât déi néi Belge Regierung plangt.

Villméi gin bestehend Dingschtleeschungen ausgebaut:

- Congé parental
- RMG (Alléngerzéier – prekär Situatioun) Bei den Allengerzéier läit den Aarmutsrisiko bei bâl 50%. Inakzeptabel!
- Sozialen Wunnéngsbau (iwer 10.000 nei Wunnegen) zousätzlechen konzentrierten Effort Geméngen
- Aktiv Aarbechtspolitik (ADEM zousätzlech Mëttelen Garantie jeunes)
- Pompjees- a Rettungswiesen

Bei éngem Wuesstum vun ëm 2,5% 2014/2015 (d.h. iwert eisem potentiellen Wuesstum) schéngt ët eis als LSAP och ubruecht iwert d'Uléen vun Reserven nozedénken.

Déi Reserven bei den Steieren an den Fongen sin stârk zeréckgângen an och dô wäer et vernünfteg éischt konkret Jaloen ze sëtzen, firwât nët iwert de Wee – wéi am LSAP Walprogramm virgesin – vun éngem Fonds souverain.

Am Premier Minister sénger Ried sin d'Geméngen nët wéider erwähnt gin. D'Regierung soll nët vergiessen, dass eis Geméngen am sozialen wéi am wirtschaftlechen Beräich wichteg Akteure sin, jo en onverzichtbaren Partner duerstellen, grâd och bei der konkreter Emsétzung vun der nationaler Politik um Terrain. Dat gëllt am besonneschen fir de Beräich vun der Kannerbetreuung.

Wéi stellt sëch d'Regierung vir, wéi dén Ausbau vun der Kannerbetreuung soll konkret an de Stied an Dierfer virungoen, wann parallell de Gemengesektor séng Gelder vum Staat beschnidden kritt?

Domadder kënnen eng gudd hallef Dozen Gemengen sëcher eens gin, déi grouss Majoritéit awer op lîng Dauer nët! D'Suerg vun der Regierung d'Transferts un d'Geméngen ze bremsen mëcht an den Aen vun der LSAP eng allgeméng Reform vun den Geméngenfinanzen an eng

Neidefiniéierung vun den Verdeelungsschlüsselen bei der Dotatioun an der Gewerbesteier absolut noutwendeg. Ze grouss sin Diskrepanzen téschend den Geméngenundeeler gin, ouni, dass dës Inegalitéiten an der Regel op zwéngend Ausgaben zeréckzeféieren wäeren. Dën Reformwëllen vun der Regierung däerf virun däre schwiereger Eerausfuerderung nët stiechen bleiwen.

Als LSAP begréissen mäer ausdrécklech de Versuch bei der neier Budgetspolitik an trotz muenchem Drock, och d'Betrieber un deem nationalen Effort ze bedeelegen. Bei der Weiterbildung an den Betrieber, bei der Mutualitéit vun den Employeurs, den Patronatschamberen an och den Subventiounen wäert den Staat séng Hellefen reduzéieren. Eng weider Kontributioun kënnt z.B. och fir den Bankensektor deen och iwert TVA Erhéigung en Netto Beitrag an d'Staatskees wäert leeschten.

Wéi ze erwaarden huet d'Oppositoun keen gudd Hoer un der Regierungserklärung geloos! E war vun Säiten vun der CSV éng Froestonn un d'Regierung.

Wéi esou oft war déi aal Leier ze héieren, nët esou – nët elo – net hei! Mat der Budgetsvirstellung den mëtten gin d'Iddien vun der Ried vum Premier Minister gekleed: dann wësse mäer och op déi gesooten Budgetszieler 2015-2018 errécht kënnen gin oder nët.

Den Luc Freiden, een nët ëmmer glécklechen Budgetsminister, huet dës lescht kéck geméngt, dës Regierung misst elo liwweren.

Dës Regierung huet geliwwert:
 Deklaratioun, Budgetsprojert 2015
 Budget pluriannuel bis 2018
 Gesetz fir hier Politik emzesetzen

Op muar kann sech d'CSV nët méi verstoppen hannert Formalitéiten, muss och si Faarf bekennen ewéi d'ganz Oppositoun.
 En einfachen Neen geet nët duer.

D'Ziel ass kloer, den Wee vun der Koalitioun dohinne och.

Wat schléit eng CSV fir, wat fir eng konkret Alternativ zum Regierungsprojekt? Huet des Partei ouni d'Hären Juncker, Frieden an Biltgen nach eegen Iddien, Alternativen?

Wou bleiwen dem ADR séng Léisungsvirchléi?

Op déi inhaltlech Debatt fréen ech mëch.

Ab muar gét së un, déi bäscht Konzepter sollen sëch duerchsetzen!